LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 8 janvier 2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°3247 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°3247 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg op déi parlamentaresch Fro n°3247 vum 4. Dezember 2020 vun den éirewäerten Deputéierte Madamm Simone Asselborn-Bintz an Här Georges Engel iwwer d'Juegd**

***Ass et an den Ae vun der Madamm Ministesch méiglech fir d'Ziler vum Ofschossplang ze erreechen an de Wëldschued ze limitéieren ouni d'Klappjuegten? Gëtt et hires Wëssens no Alternativen, déi genausou effikass sinn?***

D'Ofschosspläng si fir eng Juegdperiod („période cynégétique") ausgeluecht. Dës dauert dräi Joer, fir dem Juegdpiechter ee ganz laangen Zäitraum ze ginn an deem si hier Ofschosspläng kënnen erfëllen.

D'Klappjuegd dogéint ass elo wéinst dem Covid-19 eemol fir e puer Wochen net erlaabt. Dat ass eng kuerz Zäit am Verglach zu enger ganzer Juegdperiod. Dass d'Ofschosspläng wéinst deene puer Wochen net ze realiséiere sinn, ass onwarscheinlech. Mam neie Projet zum Covid-Gesetz (n°7743) fällt de Passage zu de Fräizäitaktivitéite ëweg an d'Juegd fällt ënnert déi allgemeng Regelen vun de Rassemblementer. Dëst géing et erlabe kléng Klapp-oder Dréckjuegden z'organiséiren.

D'Klappjuegd ass vun deenen dräi erlaabte Juegdmethode sécherlech di effikasste fir ee quantitativen Ofschoss notamment vum Wëllschwäin ze realiséieren. Natierlech kënnen och di aner Juegdaarte wéi den Usëtz an d'Pirsch beim Erfëlle vun den Ofschosspläng hëllefen, et ass allerdéngs fir de Juegdpiechter méi opwänneg.

Global gesi muss een nach dobäi soen, dass quasi néierens op der Welt wou d'Wëllschwäi virkënnt, d'Fräizäitjuegd et fäerdeg bréngt, déi immens upassungsfäheg Déierenaart an de Grëff ze kréien. D'Populatioune klammen, de Wëldschued klëmmt, och mat der Fräizäitjuegd. An engem rezente Rapport vun der EFSA (European Food Safety Authority) steet dran, dass een all Joer misst >67% vun de Wëllschwäin schéisse, fir och nëmme mol eng Stabiliséierung vum Bestand ze erreechen. Dat wier op grousser Fläch a bei gudde Liewensräim (fir d'Wëllschwäin ass zu Lëtzebuerg de Liewensraum exzellent) absolutt net machbar a gëtt och néierens erreecht.

***Wou gesäit d'Madamm Minister d'Schwieregkeeten, fir bei enger Klappjuegd déi sanitär Reegelen anzehalen, déi noutwendeg sinn, fir d'Verbreedung vum Coronavirus ze verhënneren? Gesäit d'Madamm Ministesch vir d'Klappjuegd och nach nom 15. Dezember weider ze verbidden? Wann jo, ass eng Analyse vum Impakt op de Wëldschued vun dësem Verbuet geplangt?***

Eng Klappjuegd ass ëmmer nach eng Aktivitéit wou an der Reegel vill Leit beienee kommen. Dëst ass eppes wat awer grad am Ablack bei den existente sanitäre Problemer absolut ze vermeiden ass, a wou och d'Jeeër fir eng kuerz Zäit hire Bäitrag leeschte.

Déi sanitär Restrictioune goufe mam Vote vum 15. Dezember 2020 all bis an de Januar verlängert, och mat de Stëmme vun den honorabelen Deputéierten Simone Asselborn-Bintz a Georges Engel. Mam Vote vum neie Covid-Gesetz (n°7743) kënnen, mat Anhalen vun den allgemenge sanitäre Regelen fir Rassemblementer, rëm kléng Klappjuegden organiséiert ginn.

De Wëldschued duerch Wëllschwäin ass och schonn an de leschte Joeren an d'Luucht gaangen, an dat huet och d'Fräizäitjuegd net an de Grëff kritt. Et ass net méiglech eng quantitativ Analys vum Impakt vun e puer Woche Klappjuegdverbuet op de Wëldschued ze maachen.

***Wéi vill Accidenter ginn am Joer zu Lëtzebuerg op eise Stroossen duerch Wëld verursaacht***

Duerch eis Fierschtere goufen 2020 bis elo 168 an 2019 292 doudeg Déiere laanscht d'Stroosse gemellt, di eventuell duerch Verkéiersaccidenter gestuerwe sinn. D'Naturverwaltung huet keng komplett Statistik, wéivill Wëldaccidenter et pro Joer hei am Land ginn.

Fakt ass awer, dass duerch Klappjuegd evidenterweis d'Wëld am Dag (wou am meeschte Verkéier ass) opgedoe gëtt (wat ouni Klappjuegd géif an enger Dickung raschten), an esou de Risiko vu Wëldaccidenter an d'Luucht geet.

***Kéinte Vitesslimitatiounen op de Stroossen am Ëmfeld vun enger Klappjuegd dozou bäidroen, Accidenter mat Déieren, déi iwwert d'Strooss lafen ze verhënneren?***

Jo.